

Lëtzebuerg, den 23. November 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspräsident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit,
bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här
Mobilitéitsminister weiderzeleeden:

*„Zu mengem allergréissten Erstaunen ass mer zu Ouere komm,
datt déi lescht Woch a gëschter Méindeg de Bus RGTR 146, dee
vu Wooltz iwwer Bidscht, Géisdref, Dol, Nacher bis op
Kautebaach fiert, moies fréi eng ganz Rei Leit huet misse stoe
loossen, dorënner Kanner, déi sechs Mol hannerteneen an enger
Woch bei der Nacher Schoul um 7.14 Auer stoe gelooss goufen.*

*De Bus huet nëmmen néng Plazen, muss awer däitlech méi Leit
transportéieren. Dat féiert dozou, datt d'Elteren Hals iwwer Kapp
mussen asprange fir d'Kanner op Ettelbréck oder Dikrech an
d'Schoul ze féieren, well se soss eng Prüfung oder de Cours
verpassen.*

*Aus deem Gronn wollt ech den Här Mobilitéitsminister folgendes
froen:*

- 1. Ass den Här Minister iwwer dës mësslech Situatioun
informéiert ginn?*
- 2. Huet den Här Minister iwwer seng Zerwisser dofir suerge
gelooss, datt dëse Fall sech an Zukunft net méi widderhëlt an
d'Kapazität (Plazen am Bus) eropgesat gëtt?*
- 3. Sinn dem Här Minister änlech Fäll an aneren Deeler vum
Weelzer Kanton an doriwwer eraus bekannt?“*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in blue ink, appearing to read 'Bauler', with a stylized initial 'B' that loops back to the left.

André Bauler
Deputéierten